



Groupe parlementaire

N°777
Entrée le 22.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2024
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Mee 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

Den 11. Abrëll huet de fréieren Direkter vu ProActif deen de 5. Februar mat effet immédiat entlooss gouf, dem Lëtzebuenger Wort e laangen Interview ginn. Den Direkter schwätzt ënner anerem vu schwéieren Interessekonflikter tëschent dem Verwaltungsrot, den Aktionären an der Personaldelegatioun. Weider huet hien ausgefuert, datt et zu enger perséinlecher Entrevue mam Här Aarbechtsminister koum, wou den Direkter dem Här Minister an deem Sënn matgedeelt hätt, datt hien "op engem Polverfaass" sëtzt.

An der Äntwert op menger parlamentaresch Fro Nummer 409 hat den Här Aarbechtsminister zu der Fro zu engem Audit vu ProActif ë.a. dat hei geschriwwen: "*Fir e spezifeschen, externen Audit huet op Basis vun de Resultater vun der Kontrollprozedur bis ewell keen Ulass bestanen*". An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 508 huet de Minister dann och nach eng Kéier seng Positioun bekräfigt, datt hien trotz deem endlose Skandal ronderëm ProActif keng Noutwennegkeet fir eng Gesetzesännerung gesäit, fir d'Kontrollrechter vum Staat am Verwaltungsrot vun der Beschäftigungsinitiativ ze stäerken.

Den 13. Mee huet d'Lëtzebuenger Wort dunn eng Rei weider Froe ronderëm d'Rechtméissegkeet bei där genannter Entloossung opgeworf. Op den Datum vum 4. Mäerz gouf den Direkter dunn och am Handelsregëster souwuel bei der ProActif A.S.B.L., dem eenzegen Aktionär vun der Beschäftigungsinitiativ, souwéi och bei dëser selwer als "Administrateur" gestrach. Esou eng Decisioun kann dem Wort Artikel no nëmme vun der Generalversammlung getraff ginn. Bis ewell leien awer just Informatiounen iwwert eng Sitzung vum Verwaltungsrot vum 16. Februar vir. Eng Generalversammlung an och eng Revocatioun vum Direkter als Administrateur stoungen eiser gréisster Dageszeitung no net op der Dagesuerdnung. Weider hunn dann och Membere vum Verwaltungsrot, ausgesot, datt si fir kee vun deenen zwee Gremien eng Invitatioun fir eng Generalversammlung krut hätten an hinnen de Rapport vun der Verwaltungsrotssitzung vum 16. Februar op Nofro hin net zougestallt gi wier.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Aarbechtsminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi reagiert den Här Minister op déi sëllege Virwërf vun Interessekonflikter tëschent Verwaltungsrot, Aktionär a Personaldelegatioun bei ProActif? Kann den Här Minister elaboréieren, wéi een Zesammenhang hien tëschent der Entloossung vum Direkter an dësem senger Kritik un de genannten Interessekonflikter gesäit? Wéi eng Schrëtt huet oder wëll den Här Minister opgrond vun deem Gespréich an deem Dossier generell nach ënnerhuelen?
- 2) Et gouf am Virfeld vill widdersprénglech Informatiounen ronderëm déi Entrevue mam Direkter. Fir d'éischt huet et am Wort geheescht, den Här Minister hätt se

ugekënnegt, duerno en hätt se zeréckgezunn. Herno huet den Här Minister an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 409 geschriwwen, et wier ni eng Entrevue virgesi gewiescht, fir, datt se schlussendlech e puer Deeg drop awer stattfënnt. Wéi erkläert den Här Minister déi widdersprénglech Aussoen?

- 3) Huet den Här Minister sech de Rapport vun der Verwaltungsrotssitzung vum 16. Februar selwer zoustelle gelooss? Falls jo, wéi reagiert hien dorop? Falls net, firwat net?
- 4) An där parlamentarescher Fro Nummer 455 wollt den honorabelen Deputéierten Här Georges Engel wëssen, op den Här Minister et net fir opportun hält, d'ITM mat där an der Press dokumentéierter, aarbechtsrechtlech ganz problematescher Entloossung vum Direkter ze befaassen. Den Här Minister hat a senger Äntwert op eng Prozedur virum "Référé" verwisen, deen sech an dësem Dossier awer méttlerweil als fir formell net zoustänneg erkläert huet. Gesäit den Här Minister no der Decisioun vum Geriicht an opgrond vun all den zousätzlechen Virwërf déi méttlerweil am Raum stinn, Ursaach genuch, fir op mannst dësen Aspekt vun enger insgesamt quokeleger Affär duerch d'ITM ënnersichen ze loossen?
- 5) Vertrëtt den Här Minister opgrond vun dësen zousätzlechen Informatiounen weiderhin d'Opfaassung, datt en Audit, och ënnert dem Risiko vun allgemengen, öffentleche Vertrauensverloscht an d'Beschäftigungsinitiativ weiderhin net néideg wier? Falls jo, firwat?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°777 du 22 mai 2024 de l'honorable Député Jeff ENGELEN

Fro N°1 : Wéi reagiert den Här Minister op déi sëllege Virwërf vun Interessekonflikter tëschent Verwaltungsrot, Aktionär a Personaldelegatioun bei ProActif? Kann den Här Minister elaboréieren, wéi een Zesammenhang hien tëschent der Entloossung vum Direkter an dësem senger Kritik un de genannten Interessekonflikter gesäit? Wéi eng Schrëtt huet oder wëll den Här Minister opgrond vun deem Gespräch an deem Dossier generell nach ënnerhuelen?

Wéi ech schonn a mengen Äntwerten op déi parlamentaresch Ufroen N°409 a N°455 geschriwwen hunn, steet et mir als Minister net zou, déi intern Gestiou vum enger Beschäftigungsinitiative ze kommentéieren oder weider Schrëtt ze ënnerhuelen.

Fro N°2 : Et gouf am Virfeld vill widdersprécklech Informatiounen ronderëm déi Entrevue mam Direkter. Fir d'éischt huet et am Wort geheet, den Här Minister hätt se ugekënnegt, duerno en hätt se zeréckgezunn. Herno huet den Här Minister an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 409 geschriwwen, et wier ni eng Entrevue virgesi gewiescht, fir, datt se schlussendlech e puer Deeg drop awer stattfënnt. Wéi erkläert den Här Minister déi widdersprécklech Aussoen?

Zum Zäitpunkt wou d'parlamentaresch Fro gestallt a beäntwert ginn ass, war nach keng Entrevue virgesi.

Fro N°3 : Huet den Här Minister sech de Rapport vun der Verwaltungsrotssitzung vum 16. Februar selwer zoustelle gelooss? Falls jo, wéi reagiert hien dorop? Falls net, firwat net?

Et leit zu dësem Moment kee Rapport vun der Verwaltungsrotssitzung vum 16. Februar 2024 vir.

Fro N°4 : An där parlamentarescher Fro Nummer 455 wollt den honorabelen Deputéierten Här Georges Engel wëssen, op den Här Minister et net fir opportun hält, d'ITM mat där an der Press dokumentéierter, aarbechtsrechtlech ganz problematescher Entloossung vum Direkter ze befaassen. Den Här Minister hat a senger Äntwert op eng Prozedur virum "Référé" verwisen, deen sech an dësem Dossier awer méttlerweil als fir formell net zoustänneg erkläert huet. Gesäit den Här Minister no der Decisioun vum Geriicht an opgrond vun all den zousätzlech Virwërf déi méttlerweil am Raum stinn, Ursach genuch, fir op manst dësen Aspekt vum enger insgesamt quokeleger Affär duerch d'ITM ënnersichen ze loossen?

Wéi a menger Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°455 vum honorabelen Deputéierten Georges ENGEL steet, sinn déi entspriechend Gerichter zoustänneg d'Rechtméissegkeet vum Licenciement ze iwwerpräiwen.

Virun dësem Hannergrond ass net opportun, d'ITM an dësem Dossier ze saiséieren.

Fro N°5 : Vertrëtt den Här Minister opgrond vun dësen zousätzlechen Informatiounen weiderhin d'Opfaassung, datt en Audit, och ënnert dem Risiko vun allgemengen, öffentleche Vertrauensverloscht an d'Beschäftigungsinitiativ weiderhin net néideg wier? Falls jo, firwat?

Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro N°455 vum honorabelen Deputéierten Georges ENGEL steet, ginn et keng nei, zousätzlech Informatiounen, déi een externen Audit géife justifiéieren.

Luxembourg, le 29 mai 2024

(s.) Georges MISCHO
Ministre du Travail